
# Philippe Gleis †



De Philippe Gleis, gebuer de 17. Mä 1922 zu Veianen, ass kuerz viru sengem 79. Gebuertsdag zu Veiane gestuerwen.

Am Krich huet de Philippe säi Mann gestallt. Wéi hien an d'Wehrmacht agezu gouf, huet hie sech zweemol selwer blesséiert, fir an d'Spidol ageliwwert ze ginn. Bei där éischter „Selbstverstümmelung" huet hie sengem Frënd J.P. Kaufmann eng Kugel an d'Bee geschoss, an dësen huet sengersäits dem Philippe eng Kugel an den Aarm geschoss. Déi zweete Kéier huet hie sech selwer mat enger Aaxt eng Wonn um Bee bäibruecht. Wéi dës Blessur am Spidol geheelt wor, ass de Philippe désertéiert an huet sech am Haus Theisen-Antony zu Bivels verstoppt.

Wéi d'Amerikaner am September 1944 eist Land liberéiert hunn, huet hien amerikanesche Spioune gehollef, déi däitsch Grenz ze passéieren an huet och eng Hand mat ugepaakt bei der Zerstéierong vun enger Bréck zu Bivels.

Den 12. September 1944 huet hie sech fräiwëlleg der Veianer Miliz zur Dispositioun gestallt an huet mat groussem Courage an hire Reien, ënnert dem Kommando vum Vic Abens, géint d'Preise gekämpft.

Bei engem Ugrëff vun SS-Truppen op d'Buerg vu Veianen den 19. November 1944 huet de Léon Roger säi jongt Liewe misse loossen, 3 aner Milizleit goufe schwéier a 4 anerer méi liicht blesséiert. De Philippe wor ee vun de Schwéierblesséierten, mat engem Helmduerchschoss iwwert dem rietsen Aen a Granatsplitter am Réck an un der Schëller. En huet missen an d'Klinik zu Dikrech ageliwwert ginn, wou hie vum Dr Tandel operéiert gouf. De Philippe blouw ower zäitliewes geschiedegt duerch seng schwéier Blessuren.

Trotz sengem Handicap wor hien an der Nokrichszäit activ an der LPPD-Sectioun Nord-Est grad ewéi och an de Reie vun der „Ligue Luxembourgeoise des Mutilés et Invalides de Guerre". Hien huet sech





ower och vill drëm beméit, déi fréier Membere vun der Veianer Miliz zesummenzehalen.

Fir datt d'Geschicht vun der Veianer Miliz net sollt a Vergiessenheet geroden, huet de Philippe Gleis drop gehalen, déi wichtegst Faiten an Episoden aus dem Combat vun der Veianer Miliz an engem Artikel festzehalen, deen am „Rappel" Nr. 2/1997 (S. 231-246) publizéiert gouf.

Dem Philippe seng patriotesch Mériter si vun offizieller Säit unerkannt ginn mat dem „Insigne de Résistant" (duerch Arrêté-ministériel vum 25.1.1971) a mat der „Médaille de la Résistance" (duerch Arrêté-grand-ducal vum 15.5.1984). An d'LPPD huet hiren treie Member de 15. Februar 1991 mat der „Médaille de l'Internement et de la Déportation" décoréiert.

Der Madame Gleis an hire Kanner a Kandskanner dréckt d'LPPD hiert déif gefillte Bäileed aus.

A. R.



Mir hunn déi trauereg Flicht, den Doud vun eisem léiwe Mann, gudde Papp, Schwéierpapp, Bopi, Brudder, Schwoer, Monni a Koseng, dem

**Philippe Gleis**

Zwangsrekrutéierten

matzedeelen. Heen huet eis no laanger Krankheet, kuerz viru sengem 79. Gebuertsdag, fir ëmmer verlooss.

D'Bäisetze vun den Äschen ass am engste Familljekrees.

De Läichendéngscht gëtt gehalen e Méttwoch, de 16. Mee 2001, um 16 Auer, an der Porkierch zu Veianen.

Et traueren ëm heen:

d'Elise Gleis-Hengesch, seng Fra;
d'Danielle an de Paul Wagner-Gleis, d'Cindy an d'Jill;
d'Agnès an de Marc Stiefer-Gleis an d'Michèle;
d'Françoise an den Tom Neyens-Gleis;
d'Marguerite Zeien-Gleis an hir Kanner
an d'ganz Famill.

**Veianen,** Dikrich, Mäerzeg, Geyeschhaff a Miersch, de 15. Mee 2001.

Déi Leit, déi besonnesch un eise Verstuerwene wëllen denken, kënnen dat maache mat engem Don un d'„Fondation de recherche cancer et sang", CCPL 54900-95, mam Vermierk „Don Philippe Gleis".

315646.1